

Ordre du jour

1.

Dépôt de deux projets de loi
2.

Ordre du jour
3.

4864 - Proposition de loi visant à favoriser les investissements à caractère éthique, solidaire ou écologique au moyen de la promotion de l'épargne mobilière
(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)
4.

4996 - Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 14 juillet 1986 concernant la création d'une allocation de rentrée scolaire
(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)
5.

5185 - Proposition de loi ayant pour objet de modifier la loi du 28 juin 2002
1. adaptant le régime général et les régimes spéciaux de pension;
2. portant création d'un forfait d'éducation;
3. modifiant la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti
(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)
6.

5013 - Proposition de loi relative à la protection des actionnaires minoritaires et à l'obligation de lancer une offre publique d'acquisition
(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)
7.

4979 - Proposition de loi relative à la protection contre le harcèlement moral à l'occasion des relations de travail
(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)
8.

5075 - Proposition de loi ayant pour objet de modifier la loi du 24 décembre 1990 sur la préretraite
(Présentation, conformément à l'article 60 du Règlement - Discussion)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden et François Biltgen, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.33 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.
Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?
(Assentiment)
Jo, d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert.

1. Dépôt de deux projets de loi

Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse*.- Här President, duerch Arrêté grand-ducal vum 22. Mäerz erlaabt de Grand-Duc mir zwee Projets de loi ze déposéieren, eng Kéier de
- *Projet de loi 5320 autorisant la participation de l'État à la construction et à la transformation du centre intégré pour personnes âgées au Centre du Rham à Luxembourg-Ville*
an de
- *Projet de loi 5321 autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre de révalidation gérontologique et de soins pour personnes âgées en fin de vie à Clervaux*.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun zwee Projets de loi duerch d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs. Déi Projete gi weidergeleet un déi zoustänneg Kommissioun respektiv un de Statsrot.

2. Ordre du jour

Ech wollt aganks vun der Sitzung op d'Reiefolleg vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg ze sprieche kommen. Esou wéi lech gëschter schréiftlech matgedeelt

gouf, presentéiert sech op Wonsch vun der Regierung den Ordre du jour vun haut folgendermoossen: Fir d'éischt hu mer d'Proposition de loi 4864 vum Här François Bausch, duerno d'Propositïoun de loi 4996 vum Här Mars Di Bartolomeo, dann d'Proposition de loi 5185 vum Här Aly Jaerling, dann d'Proposition de loi 5013 vum Här Ben Fayot, dann d'Proposition de loi 4979 vum Här Lucien Lux, a schliesslech d'Proposition de loi 5075 vum Här Aly Jaerling.

Mir kommen dann elo zur Proposition de loi 4864 vum Här François Bausch iwwert de Schutz vun de Minderheetsaktionären. D'Wuert huet den Här François Bausch. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Santer, Krecké, Meisch an Henckes.

(Interruption)

Une voix.- Dat ass net schlëmm.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här François Bausch.

3. 4864 - Proposition de loi visant à favoriser les investissements à caractère éthique, solidaire ou écologique au moyen de la promotion de l'épargne mobilière

Présentation

M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*), *auteur*.- Här President, do si wahrscheinlech an den Notize bei lech e puer Saachen duerchernee gaangen. Et ass d'Proposition de loi visant à favoriser les investissements à caractère éthique, solidaire ou écologique au moyen de la promotion de

l'épargne mobilière, déi ech gemaach hunn.

Bon, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass esou, dass no deene wëllen 90er Joren, wou mer souzesoen op de Finanzmäert eng Mentalitéit haten, déi sech just nach no der Shareholdervalue orientéiert huet, déi eis natierlech op dem richte Wee an eng Sakgaass gefouert huet vun enger virtueller Economie mam Resultat, wat mir jo entre-temps alleguerte kennen, wou am Joer 2000 nawell mir all zolidd duerchernee gerëselt gi sinn an eng grouss Kris sech op de Finanzmäert bemierkbar gemaach huet. Wéi all Kris hat natierlech och dës Kris eppes Positives, nämlech dass entre-temps vill nogeduecht gëtt iwwert de Funktiounement vun de Finanzmäert, iwwert de Rôle vun de Finanzmäert insgesamt. Vill fréier bekannte Börsespekulanten, déi och an den 90er Joren nach d'Mentalitéit vun der Shareholdervalue als déi eenzeg richtig vertratt hunn, stelle sech haut Froen, wéi et zu där Kris konnt kommen.

Doduerjer ginn natierlech och nei Dieren op, nei Chancen op fir nei Iddien. An déi Iddi, déi ech haut wëll presentéieren, ass eng nei, zwar keng ganz nei, a wann ech den Historique dov u kucken, datéiert se vun der Urgrondiddi hier scho vun zimlech laang hier, mä ech mengen den Elan, deen d'Iddi kritt huet, dee kenne mir haaptsächlech an den 90er Joren. Ech erhoffe mir, dass elo am Kontext vun deem Iwwerdenke vum Rôle vun de Finanzmäert, vun de Finanzprodukter insgesamt an eiser Gesellschaft, déi dote Produiten eng gréisser Chance an Zukunft kënnen kréien.

De bekannte Schwäizer Financier a Manager Schmidheiny huet schonn Ufank den 90er Joren e Buch geschriwwen, dat huet geheescht: „Die Finanzmärkte für den Kurswechsel nutzen“, an deem e sech relativ vill ausenaner gesat huet mat der Fro, inwiefern dass ee gewëssen - loosse mer soen - gesamt gesinn ethesch, sozial oder och ekologesch Kritäre kéint uwenden insgesamt bei de Finanzmäert, bei de Bankprodukter. En huet iwwert déi Iwwerleungen eraus, déi en a ville Bicher niddergeschriwwen huet, och eng ganz Rei international unerkannt Associatioune gegrënnt, déi sech an den 90er Jore virun allem fir déi doten Iddi staark gemaach hunn.

Ennert dem Begrëff etheschen, sozialen oder ekologesche Banking verstoppt sech entre-temps natierlech ganz vill, an et ass entre-temps och vill duercherneen op deem Marché. Dat huet iwwregens och dozou gefouert - ech war virun dräi Méint op engem interessante Colloque an der Belsch -, dass d'Kommissioun an deene leschten zwee Joer zu Brëssel sech och domadder ausenaner gesat huet, an dass d'Kommissioun amgaangen ass en neit Wäissbuch ze erstellen, wou och wahrscheinlech proposéiert gëtt um Schluss, fir op europäeschem Niveau e gewëssent Regelwierk, wat d'Kritären ubelaangt, fir d'Europäesch Unioun ze schafen.

Ech hu virdru gesot, den Ursprong vun der Iddi kënnt scho vu ganz laang hier, e kënnt eigentlech aus dem kathouleschen Milieu aus de Vereenegte Staten. Ganz am Ufank natierlech stoung bei deenen Iwwerleungen vun deenen „Fongen“, déi déi Zäit an Amerika vu gréisstendeels kathouleschen Associatioune gegrënnt gi sinn, natierlech de soziale Gedanken. Déi Fonge sinn an den USA déi Zäit gréisstendeels benotzt ginn a gespeist ginn, fir deene sozial Benodeelegten ze hëllefen.

Et ass awer haaptsächlech an den 90er Joren, wou déi Produkter eng ganz aner Nues kritt hunn, wou éischstens emol vill méi eng grouss Banquiersprofessionaliséierung international drakomm ass, wou natierlech och duerch d'ekologesch Dimensioun déi ganz ekologesch Produktpalett eng immens wichteg Roll kritt huet a virun allem déi och dozou bäigedroen huet, dass eng enorm Dynamik entstanen ass an deem dote Beräich.

Haut gëtt et Bankprodukter vun der verschiddenster Zort. Et gëtt der, déi sinn nëmme souzesoen ethesch, dat heescht, déi sinn einfach vun engem Kritär besat, zum Beispill ee Fong gëtt geschafen an dee Fong gëtt sech als Kritär, dass keng vun deene Gelder, déi an deem Fong do dra sinn, dierfen an d'Rüstungsindustrie flëssen. Et gëtt souguer nach méi kleng oder agëenkte Kritären, déi een am ethesche Beräich ka wielen. Ech hunn deen doten elo nëmmen erausgeholl. Et gëtt awer och entre-temps Sozialberäicher, wou et natierlech dorëms geet, wou ganz minimalistesch ugesat gëtt bis zu ganz wäitgehende soziale Kritären, an et gëtt wéi gesot ekologescher.

Et gëtt zwar de Moment oft kritiséiert, dass dat grad dat Schwierigst wär, wat ze maache wär als Aufgab, wann een an där heite Richtung eppes wëllt maachen, nämlech déi Kritären do ze erstellen. Ech mengen, dass dat awer net esou schwierig ass an dass dat virun allem haaptsächlech vum Législateur ofhänkt, éischstens dass e sech doriwwer eens ass, wat an deem Land, wou e seng Kritäre schaaft, respektiv wou e seng Fördermëttel schaaft, gesellschaftlech nützlich respektiv politesch vertrietbar ass. Ech mengen, wa mir hei zu Lëtzebuerg iwwert déi dote Saachen diskutéieren, da musse mer natierlech, wa mir d'Kritären opstellen, och déi dote Froe stellen.

Et ass esou, dass menger Meenung no, oder eiser Meenung no als Gréng, déi doten Iddie kéinte fir Lëtzebuerg op dräi Niveauen interessant sinn. Déi éischt ass natierlech, mir hunn en nationale Marché, wou e gewësse Besoin besteet, fir u Kapital ze kommen, haaptsächlech zum Beispill am ekologeschen a soziale Beräich.

Ech wëll nëmmen ee Beispill erausgräifen, dat awer menger Meenung no ka stellvertriedend stoe fir vill anerer, déi sech kéinten entwëckelen an deenen nächste Joren. Dat ass d'Beispill vum Energiepark Réiden. Deen Energiepark Réiden ass gegrënnt ginn an huet sech säi Kapital geschaaft zu engem Moment, wéi d'Loi Rau nach voll gespillt huet, an et war nëmmen dank der Loi Rau eigentlech, dass den Energiepark Réiden och haaptsächlech am Ufank sech dat Kapital konnt beschafen, wat e gebraucht huet, fir kënnen ze starten.

Ech mengen, vu dass éischstens d'Loi Rau ofgeschaaft ass, an zweetens hei jo och nach déi ganz ekologesch oder sozial Dimensioun dobäikënnt, dass et fir den nationale Marché duerchwegs kann interessant ginn, wann ee sech e Mechanismus gëtt, wéi een dat dote ka förderen, wéi ee ka förderen, dass hei zu Lëtzebuerg kënnen effektiv esou Projete sech iwwert deen dote Wee méi licht Gelder beschafen, oder iwwerhaupt Gelder beschafen, well et oft fir esou Projete ganz schwéier ass, um normale Wee un dat néidegt Geld ze kommen.

En zweeten Aspekt, dee fir Lëtzebuerg kann interessant sinn: D'Lëtzebuerger Bankeplaz ass eng vun de gréisste Fongsbankplazen op der Welt, dat wësse mir allegueren, an et ass esou, dass wann een d'Statistike kuckt, dann ass et esou, dass den Undeel vun deene sozialen an ekologesche Fongen op de Finanzmäert rasant Enn der

90er Joren zougehofft huet an och nach amgaang ass ëmmer zouzehuelen.

Et ass esou, dass natierlech virun allem déi ekologesch Fongen enorm zouhuelen. Ech mengen, dass et dofir och fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg kënnt interessant ginn ze versiche ganz geziilt do, och wann et am Moment nach nëmmen eng kleng Nisch ass, mä et ass awer ëmmerhin eng, déi Nisch vu Fongen op Lëtzebuerg ze kréien, dat heescht d'Domiciliatioun vun deene Fongen op Lëtzebuerg ze kréien an dee Moment och eng kleng nei Nisch ze schafen, virun allem fir d'Finanzplaz, wat jo och géing zur Diversifizéierung vun der Finanzplaz bäidroen, haaptsächlech wat d'Produktpalett ubelaangt, wou mer jo alleguerte wëssen, dass mer se brauchen.

En drëtten Punkt ass deen, et ass natierlech, dass wann de Lëtzebuerger Stat oder Lëtzebuerg sech engagéiert fir haaptsächlech déi dote Secteuren ze ënnerstëtzen an ze förderen, dann ass dat sécherlech och en Imagegewënn. Ech mengen et ass zimlech kloer, dass hei, wann ech am Ufank gesot hunn, dass et hei och dorëms geet fir d'Finanzmäert ze benotze fir e Kurswiessel ze förderen insgesamt an der Gesellschaft, op e Kurswiessel hin zu méi Sozialem, zu méi Ekologie, a wann dat vu Lëtzebuerg aus, vum Législateur ënnerstëtzt gëtt, ass dat sécher en Imagegewënn fir Lëtzebuerg um internationalen Niveau.

Dee Wee, deen ech gewielt hu fir dat heiten ze proposéieren, dat ass dee fir eng Proposition de loi ze maachen. Déi hunn ech natierlech gemaach am Kader vun den Diskussiounen deemools wéi mer decidéiert hu fir d'Loi Rau ofzeschaffen, fir einfach hinzugeen an d'Loi Rau zum Deel ëmzewandelen, éischstens ekologesch a sozial Kritären dra festzeschreiwen, fir vun deene Steiervirdeeler, déi an der Loi Rau virgesi waren, ze profitéieren, an zweetens se natierlech och kompatibel ze maache mat den Erfuerdernisser vun der Europäescher Unioun.

Mir wësse jo allegueren, dass d'Loi Rau net nëmmen aus ekonomesche Grënn zu Lëtzebuerg an där Form ofgeschaaft ginn ass, mä och well se an där Form net méi kompatibel war mat de Bestëmmunge vun der Europäescher Unioun, an dofir hunn ech einfach versicht de Wee ze goe fir déi Fördermoosnamen an deem Sënn, also d'Kritären ze loosse eigentlech wéi se sinn, mä se just op d'Europäesch Unioun auszudehnen.

Ech soen awer direkt, dass dat heite sécherlech net deen eenzege Wee ass, an et war och net den Zweck vun där Proposition de loi hei fir elo ze soen: Dat do ass et oder näischt! Et ass mir einfach dorëms gaangen deemools fir am Kader vun deenen Diskussiounen, déi sech opgemaach hu bei der Ofschafung vun der Loi Rau, fir eigentlech deen Zuch ze benotzen, fir do dropzeklammern, fir ze soen: Ma hei gëtt et nach eppes! Kommt mir sichen emol zesummen no Weeër wéi mer déi doten Nisch kënnen besetzen.

Ech mengen, dass et just wichtig ass, dass mer relativ séier zu Lëtzebuerg sollen handeln an deem dote Beräich. Mir solle séier handele virun allem, géing ech emol soen, an enger éischter Phas um nationale Plang fir deen éischte Punkt ze erfëllen, deen ech gesot hunn, fir um nationale Plang eppes ze maachen. Do kënnt e Modell wéi deen, deen an Holland scho längstens fonctionnéiert, dee vun de gréngen Fongen, sécherlech e Virbild sinn och fir Lëtzebuerg.

An da mengen ech, wa mer den nationale Marché, wa mer do d'Nisch bis besat hunn, da spillen d'Banke souwisou mat, well dat